



**ACEL**

de Studentevertrieder

Lëtzebuerg, den 21 Oktober 2015

### Positioun vun der ACEL am Dossier „Chambre des Etudiants“

De Projet vun enger gesetzlech verankerter Studentevertriederung ass vun der ACEL während der Reform vun de Studiebäihëllef an d'Spill bruecht ginn. Am Oktober 2014 hate mir am Kader vun der REEL zu München dëst och scho mam Här Minister Meisch beschwat a konkret Iddië gesammelt. Dës Propositionen sinn dunno vum Ministère ugeholl ginn an et ass am Mee zu enger Entrevue vun der ACEL, der CGJL an der UNEL mam Här Staatssekretär Hansen komm. Do konnt all Akteur seng Iddiën a Virstellung presentéieren. Et ass festgehale ginn, dass mir dës a schrëftlecher Form bis Mëtt September dem Ministère era reechen. Dono sollt dann an enger neier Entrevue zesummen driwwer geschwat ginn, an déi eenzel Virschléi analyséiert ginn. Dës Propositionen waren éischer als „base de discussion“ geduecht, a sollte keng definitiv Positioun duerstellen.

D'UNEL huet sech bis elo leider gréisstendeels aus der Diskussioun em d'gesetzlech verankert Studentevertriederung erausgehale. Eis eegen Positioun déi mir an eiselem Avis formuliert hunn ass hinnen awer scho säit Méint bekannt. Gëschter hunn si hiren Avis der Presse virgestallt. Mir sinn iwwerrascht, dass mir vun der UNEL hirer konkreter Positioun réischt an der Press héieren hunn, a mir eis net konnte virdrun doriwwer austauschen.

Mir sinn der Meenung, dass et am Moment am wichtegsten ass, zesummen un den eenzelnen Iddiën ze schaffen an ze kucke wéi eng ee kann dovunner ëmsetzen. Dësen Dialog huet eis awer bis elo mat der UNEL gefeelt.

Am Unhang fannt dir eisen Avis mat eisen Virschléi zu der „Chambre des Etudiants“, wéi mir se am September beim Ministère era gereecht hunn. Dës sinn an villen Treffen am Comité, mat eisen Memberen an op der REEL entstanen.

De But vun dësem Projet ass an eisen Aen, dass d'Studente vun der Regierung gehéiert musse ginn an sou hir Besoinen besser berücksichtegt ginn. Beim Liese vum Avis vun der UNEL ass et bei eis sou riwwer komm, wei wann si dëst préliminärt Ziel net géifen deelen. An éischer Linn schéngt et hinnen em d'Schafe vun enger Diskussiounsplattform ze goen.

Mir wäerten eis an der nächster Zäit nach eng Kéier mam Ministère un en Dësch setzen an dëse Projet méi am Detail ausschaffen.



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange  
87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu  
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000  
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



**SPUERKEESS**